

volltrotere gi mat Lamentéieren, de Projet géif net virugoen, well en anere Kolleeg - normalerweis ass et deen an der Ëmwelt - net virumécht.

Ech weisst gär elo, was Sache ist, wat fir eng Projeten zum Beispill bei den Travaux publics net kënne realiséiert ginn à ce stade, obschonn d'Kreditter am Budget ageschriwwé sinn, obscho se an de Fongen dra sinn.

Ech hunn dat gesot opgrond vun enger Fro, déi de Marc Spautz an enger Réunion jointe vun der Économie an de Finanze gestallt huet. Entweder ginn d'Ministère virun duerch d'Land lamentéieren oder si agéieren. D'Ministère solle mat sech schwätzen an da kucken, wou de Problem läit.

» Une voix.- Très bien!

» M. Charles Goerens (DP).- Wann dann nach eppes iwwreg bleift - „leftovers“ - um prozedurale Plang, si mir ganz gär bereet, eis Verantwortung ze iwwerhuelen, mä ech ka mech net domat offannen, wann d'Ministèren déi Erklärung ginn: Si sollen handelen!

» M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Also, vu datt den Här Goerens laang Joren an der Regierung war, weess hien, wéi déi Schwiereregkeete sinn. Ech sinn e relativ nervöse Mënsch,...

(Interruptions)

...an duerfir maachen déi Prozeduren eis alleguerten...

» Une voix.- En nervösen Harry Potter!

» M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Jo, en nervösen Harry Potter.

(Hilarité)

» Une voix.- Vergiesst net den Zauberstab!

» Une autre voix.- Här Frieden, domat komme mer net weider.

» M. le Président.- Loosse mer elo de Minister emol seng Ausféierunge maache loosse!

» M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Fakt ass,...

» M. Charles Goerens (DP).- De Minister vun den Travaux publics kann eis jo elo soen, wou hie genéiert ass duerch Prozeduren, déi an anere Ministèren unhängeg sinn.

» M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Majo, kuckt, ech ginn lech elo emol e konkret Beispill aus mengem Beräich.

(Interruptions)

Ech hu gëschter Moien, ech hunn zum Beispill...

(Interruption)

Jo, mä eleng schonn d'Ausschreiwungsprozeduren. Ech hu gëschter Moien eng Sitzung gemaach mat den Travaux publics zu Schraasseg am Prisong am Kontext vun de Videokameraen.

Déi hu missen europäesch ausgeschriwwé ginn, wat eis ëm esou vill Méint hannendra gehäit huet. Ech verstinn awer déi Regelungen, well dat e Marché ass, deen esou vill kascht huet.

Et gouf aner prozedural Elementer, déi dat mat sech gezunn hunn, bei deem Projet wéi bei aneren. Mir hunn dat ëmmer erëm, wa mer Stroosse bauen, wa mer Schinne bauen. Bis mer Terrainen hunn, ass et eng onméiglech Geschicht. Als Domäneminister soen ech dat, ech schwätzen awer nëmmen aus mengen Departementer. Da kuckt deen een dat aus der Siicht vun der Landesplanung, deen aneren dat aus der Siicht vun der Wirtschaft, deen drëtten dat aus der Siicht vun der Ëmwelt, an en fait hu se alleguerte Recht, an Dir wësst ganz gutt, datt dat zu Schwiereregkeete féiert.

Duerfir musse mer eis eng Kéier zesummesetzen a soen, wann esou Konflikter sinn, gi mer där oder där Saach Prioritéit. Well ech mengen, den Här Bauteminister, deen och de Mëtteg hei ass, ass nëmmen Demandeur, datt mer Saache méi séier kënne maachen. Mir schwätzen oft doriwwer, wéi mer kënne verschidde Bauprojete méi séier maachen, an de Bauteminister an ech si sécherlech déi, déi Demandeurs wären, datt mer méi séier kéinten do fueren, well et gétt immens vill...

(Interruptions)

Et gétt also do extrem vill Schwiereregkeeten, déi...

» M. le Président.- Lauschtert emol, wien huet elo de Moment d'Wuert? Souwäit wéi ech dat gesinn, ass dat den Här Minister. Ech géif lech dowéinst bieden, hien elo seng Ausféierunge maachen ze loosse! Wien eng Fro huet, dee soll déi stellen, an ech sinn iwwerzeegt, dass de Minister bereet ass, dorop ze äntworten.

» M. Xavier Bettel (DP).- Hie provoziert eis.

(Hilarité)

» M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Also, ech mengen, datt generell d'Meenung ass, datt eis Prozeduren ze komplizéiert sinn. Dat seet jiddwereen. Wa mer awer ufänken, eng Prozedur ofzeschaffen, da fanne mer der ganz vill, déi déi prezis Prozedur awer justifizéieren. Duerfir nach eng Kéier, d'Offer vun der Regierung ass - well grad elo an der Krisenzäit ass e Retard nach méi schlëmm wéi soss -, datt mer eis d'Wuert ginn, an enger vun den éischte Sitzunge vun Ärer neier Krisekommissioun iwwer eng Rei vu Prozeduren ze kucken, fir ze wëssen, wat fir eng Prozeduren d'Chamber der Meenung ass, datt mer se ofschafe kéinten.

Ech wär deen Éischten, deen Demandeur wär, datt dat géif geschéien. A wann ech an d'Gesichter kucke vu menge Kolleeg Ministeren, déi hei sinn, da kréien ech dat confirméiert, datt och si net Demandeurs sinn, datt d'Saache laang daueren, well et gétt näischt méi Frustrantes fir e Minister, wann hien e Projet huet an hie kritt en net a schnellen Délaien ëngesat.

Duerfir, kommt mer sinn eis eens iwwert dee Punkt!

Här Bettel, hei gétt och kee provozéiert. Ech wëll lech en fait soen, datt ech mam Här Goerens eens sinn. Et muss een da konkret soen: Hei sinn déi véier Prozeduren, déi mer ofschafe wëllen. Duerno musse mer kucken, firwat datt déi ageféiert gi sinn an ob mer d'accord sinn, an engem schnelle Changement législatif, déi ëmzeänneren. Dir fannt eis op Ärer Säit. Proposéiert konkret, wat mer sollen ofschafen, an dat géllt och fir déi aner Kolleegeen.

Ech mengen, datt mer mat dësem Budget eng gutt Basis hunn, fir duerch dës Kris ze kommen a fir no der Kris e Land ze hunn, wat mat Vertrauen an d'Zukunft kucke kann. Ech halen näischt dovun - trotz allen immense Schwiereregkeeten, déi mer hunn, an déi ganz vill Leit am Land hunn, déi an dësen Deeg ëm hir Aarbecht fäerten -, datt mer alleguer zesummen de Kapp hänke loosse.

Wat mer méi maache mussen, ass, datt mer méi Solidaritéit vis-à-vis vun deene weise mussen, déi hir Schaff verléieren, datt mer probéiere mussen, se op hirer Schaff halen ze kënnen, andeem mer déi Betriber ënnerstëtzen, datt fir déi, déi trotzdeem hir Schaff verléieren, d'Kollektivitéit an engem solidaresche Geste spillt, datt se also kënne weider en Akommes hunn. Mir mussen alles drusetzen, datt mer eist Land esou opbauen, datt mer no der Kris nach ëmmer eng héich Liewensqualitéit an e wirtschaftsfreëndlecht Ëmfeld hunn.

Dëse Budget, dee jo och den Nidderschlag huet vun de Steiergesetzter, déi d'nächst Woch hei diskutéiert ginn, bréngt méi Kafkraaft fir all Mësch. Jiddwereen, deen an dësem Land Steiere bezilt, bezilt an Zukunft manner Steieren. Jiddwereen, deen an dësem Land keng Steiere bezilt, kritt vun der Regierung en Zouschoss a Form vun engem Crédit d'impôts. Jiddwereen, deen d'nächst Joer hei am Land leeft, huet méi Suen. Also muss een och mat Vertrauen an déi Zukunft kucken, an ech mengen, wann een dëse Budget gesäit, wann een dëse Budget objektiv bewäert, wann een dobäi d'Gesondheet vun de Statsfinanze kuckt, déi eis hëlleft, iwwert déi schwierereg Streck ze kommen, da kann ee mat Vertrauen an d'Zukunft kucken.

Et ass eng schwéier Zäit, mä et ass keng hoffnungslos Zäit. All Kris geet eng Kéier eriwuer. Déi, déi virun eis do waren, hunn och schwéier Krisen matgemaach: d'Stolkris, de Krich. Si hunn eis et all Kéiers virgemaach, wéi een, wann een zesummenhält, et och packt, e Land opzebauen, wat besser dosteet wéi d'Nopeschlänner.

Ech mengen och net, datt mir onbedéngt méi e schlecht Wirtschaftswuesstem an der Zukunft hu wéi eis Nopeschlänner. Mir hunn eng diversifizéiert Économie, mir hunn eng Économie, déi op den Dëngschtleeschungssecteur opbaut, deen och an der Zukunft gebraucht gétt. Sécherlech hunn d'Finanzinstitute eng schwiereg Zäit duerchzemaachen. Et wäerten awer ëmmer Banke bleiwen, et gétt ëmmer Verméigensverwaltung, et gétt ëmmer Kreditgeschäfter.

Duerfir sinn ech fest dovun iwwerzeegt, datt - wa mer déi Entreprisé weider ënnerstëtzen, wa mer weider Promotiounseffortë fir déi Entreprisé maachen, wa mer weider e gesetzleche Kader schafen, deen de Betriber, an domadder de Leit, déi an de Betriber schaffen, zeguttkënnt, wa mer weider eng Sozialpolitik maachen, wou mer évitéieren, datt de Gruef tëschent Räich an Aarm ze grouss gëtt - eist Land wierklech eng grouss Zukunft viru sech huet.

Duerfir soen ech all deene Merci, déi dëse Budget stëmmen. Deenen anere soen ech, datt vun der Exekutioun vun dësem Budget d'ganz Land profitéiert, och déi, déi en net wäerte stëmmen, mä déi awer als Bierger an als Entreprises hei am Land dovun bénéficiéiere wäerten.

Ech soen lech Merci.

» M. le Président.- Ech soen dem Här Budgetsminister Merci fir seng Ausféierungen. Domadder si mer um Enn vun dësem Punkt vun eisem Ordre du jour ukomm.

Ech wëll hei profitéieren, fir mech bei deenen Häre Schneider a Clement ze entschëllegen. Wann d'Verwaltung de Moie gewosst hätt, wéi d'Zäite géife lafen a wie géif schwätzen, dann hätte mer hir Interventiounen haut de Mëtteg gemaach. Vu dass awer hei décidéiert gi war, dass nëmme méi ee Riedner do wier, well mer haut de Moie géifen ofschléissen, deet dat mer leed. Ech hätt dat léiwer anescht gesinn, mä et ass onglécklecherweis esou gaangen.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi iwwert d'Ofkommes géint d'Duebelbesteuerung mat Hongkong. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Thiel.



## 2. 5862 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la Région administrative spéciale de Hongkong de la République Populaire de Chine tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, signée à Hongkong, le 2 novembre 2007

### Rapport de la Commission des Finances et du Budget

» M. Lucien Thiel (CSV), *rapporteur*.- Merci, Här President, ech ka mech hei quasi direkt un dat uschléissen, wat de Minister elo grad ausgefouert huet. Hei hutt Dir elo gläich e gutt, konkret Beispill fir dat, wat mer nach wëlles hu fir d'Zukunft.

Fir deen een oder aneren heibannen, ob alle Fall war et emol fir mech de Fall, war Hongkong fréier esou eppes wéi en Akafsparádis, well déi deemoleg britesch Krounkolonie virum südchineesesche Festland e Status vun Tax-free hat, an een do zimlech bëlleg Fotoapparater an anert elektronesch Spillgezei fir Erwuessener kafe konnt. Domat war et awer 1997 esou gutt wéi eriwuer, wéi deen op 99 Joer ofgeschlossene Pachtvertrag mat China ausgelaf ass an Hongkong mat senge siwe Milliounen Awunner un d'Volleksrepublik zrëckgoung, dat heescht, integréiert ginn ass an „Mainland China“.

Deem „changeover“ war deemools nawell vill Oprou virusgaangen, well d'Chineese vun Hongkong et éischer mam Kapitalismus an net mam Kommunismus gehalen haten, an dorops esou muncher ee vun hinne gefaart hat, déi rout Bridder vum Festland géifen him op de Pelz récken, wann d'Inselstad bis annekéiert wier. Mä dat ass net passéiert. Nom Motto „Ee Land, zwee Systemer“ huet Peking den Hongkonger d'Gitt laang, an hinnen hire Rechtssystem, hir Währung an hire politesche System einfach gelooss, an dat laut Verfassung op d'mannst fir déi nächst 50 Joer.

Dee spezielle Statut erkläert och, firwat mer elo mat Hongkong en Duebelbesteierungs- ofkommes ënnerschiwwen hunn, obscho mir säit 1994 esou en Ofkommes mat der Volleksrepublik hunn. Hongkong gétt nun ebe vu Peking als eng speziell administrativ Regioun ugesinn. Datt si als Exceptioun toleréiert gétt, kënnit allerdéngs net vun ongeféier. Dat nach ëmmer kapitalistescht Hongkong ass schliesslech de Chineesen hir wichtigst Handelspaart no baussen an ass dofir onverzichtbar gi fir de Wirtschafts-

gigant, deen elo amgaangen ass esou richtig ze erwächen.

Als eng vun deene grouse Finanzplaze vun der Welt - Hongkong ass Nummer 13 - an als zweetgréisste Bourse an Asien, no där vun Tokio, verbënnt natierlech etlech Hongkong mat der Nummer 9 ënnert de Finanzplazen, nämlech mat Lëtzebuerg. Zwar huet déi eenzeg Hongkonger Bank, déi sech bei eis niddergelooss hat, erëm virun e puer Joer zougemaach, wéi et sech erausgestallt huet, datt den Hongkong-Chineesen den Hals net vu Peking ëmgedréint géif ginn, mä d'Relatiounen tëscht deenen zwou Plaze sinn nach ëmmer ganz enk, virun allem well Hongkong fir seng Investmentfonge Lëtzebuerg als Paart op den europäesche Maart benotzt an déi Fonge bei eis domiciliéiert, fir datt se eben den europäesche Pass kréien.

Et gétt allerdéngs nach en zweete Grond, firwat Lëtzebuerg eréischt dat véiert Land ass - no China, Thailand an der Belsch -, dat en Duebelbesteierungs- ofkommes mat Hongkong ofgeschloss huet. Dat ass déi Roll, déi Hongkong an der Entwécklung vun eiser Frachtfluggesellschaft, der Cargolux, gespillt huet an nach ëmmer spillt.

Deen ale Flughafen vun Hongkong - den „Kai Tak“; déi emol dohinner geflu sinn, déi kënne sech nach erënneren, wa se gemengt hunn, si géifen am Mier landen - war jorelaang esou eppes wéi de Port d'attache vun der Cargolux an Asien, an nach haut ass Hongkong mat Ofstand déi am dacksten ugeflunnen Destinatioun vun eise Fretfligeren. Net manner wéi 14 Volë ginn all Woch vum Findel op Hongkong an zrëck, an dat all Kéiers mat engen 120 Tonne Fracht u Bord, a mat allem, wat dat u Logistikopwand och bei eis no sech zitt.

Et war deemno nëmme logesch, datt eist Land, dat entre-temps iwwer 50 Duebelbesteierungs- ofkommes uechtert d'Welt ofgeschloss huet, och Hongkong op d'Lëscht gesat huet. D'Stréckmuster vun esou engem Ofkommes ass ëmmer datselwecht. Et baséiert op dem sougenannten OCDE-Modell, dee festhält, wat fir eng Steiere wou bezuelt ginn, fir datt et eben net zu enger Duebelbesteuerung ka kommen.

An dësem spezielle Fall ass sech allerdéngs net 100%teg un dee Modell gehale ginn, well ee wollt gewësse Spezifisitéiten op där enger wéi op där anerer Säit am jeeweilege Steuerrecht Rechnung droen. Esou gesäit d'Konventioun beispillsweis vir, datt d'Royalties, also d'Redevancen net, wéi vum OCDE-Modell virgesinn, un Wunnuert vum Bénéficiaire besteiert ginn, mä enger Quellesteier vun 3% zu Hongkong ënnerleien, déi dann natierlech bei der definitiver Besteuerung zu Lëtzebuerg ugerechent gétt.

Grosso modo gesäit dës Duebelbesteierungskonventioun vir, datt d'Revenuen aus Investitiounen, déi vu Lëtzeburger zu Hongkong gemaach goufen, zu Hongkong besteiert ginn, wann et sech ëm Immobilien oder ëm Geschäftsaktivitéite vun enger Néierloossung zu Hongkong handelt. Ëmgekéiert ginn d'Dividenden, déi d'Hongkonger Duechter der Lëtzeburger Mamm iwwerweisen, zu Lëtzebuerg besteiert, allerdéngs nodeem datt déi zu Hongkong bezuelte Steieren ofgezu gi sinn.

Maacht lech elo näischt ze dinn, wann dat lech e bësse komplizéiert virkënt, d'Steier-saache sinn nun eben net einfach, scho guer net, wann zwee Länner zugläich mat am Spill sinn. Et ass och dofir net weider verwonnerlech, datt de Statsrot gemengt hat, en Hoer an der Zopp entdeckt ze hunn, dat awer a Wierklechkeet guer keent war. Dofir huet dann och d'Finanz- a Budgets-kommissioun deem weider keng Rechnung brächten ze droen.

Här President, Dir wonnert lech dann och bestëmmt elo net, wann déiselwecht Finanz- a Budgetskommissioun der Chamber un d'Häerz leet, dës Konventioun, déi iwwregens schonn am Februar vun der Hongkonger Säit ratifizéiert ginn ass, hire Segen ze ginn, fir datt se a Kraaft triede kann, an zwar nach fir d'Steierjoer 2008. Dir maacht och domat warscheinlech eisem Wirtschaftsminister eng grouss Freed, well wann ech richtig informéiert sinn, fiert hien dës Deeg op Hongkong. Hei huet hien dann de Kleesche mat am Gepäck, wann



hien dohinner fiert. Datselwecht, wat ech elo fir d'Finanz- a Budgetskommissioun gesot hunn, göllt och fir meng Fraktioun, där hiren Accord ech heimat ginn.

Ech soen Iech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Thiel. D'Wuert huet elo den Här Minister Frieden.

» **M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.** - Här President, ech géif just nach eng Kéier wëllen d'Wichtigkeet vun deem Accord ënnersträichen, well et en ligne ass mat deem, wat mer virdu gesot hunn. Wa mer wëlle wirtschaftlech Entwécklung hunn, da muss eist Land weiderfuere fir d'Netz vun Duebelbesteuerungsofkommen ze verbreederen. Mir hunn der scho ganz vill, an ech si frou, dass mer dësen esou schnell zustane kritt hunn, wou mer an der Rei stounge mat ganz vill anere Länner, déi och mat Hongkong en Accord ofschléisse wollten.

Dëst ass e wichtigen Accord fir Hongkong, et ass awer och e wichtigen Accord fir China, well Hongkong ass jo en Deel vu China mat engem spezielle Regime. Duerfir ass et wesentlich, wa mer de Lëtzebuerger Entrepreneuren och op neie Märcheen ausserhalb vun Europa Méiglechkeete wëlle ginn, dass esou en Accord wéi dësse gemaach gëtt.

Dëst ass ee vu villen Accorden, mä och dat verleet eis dozou ze soen: Et gëtt eng Zukunft. Heimadder maache mer den Entrepreneuren hir Geschäfte méi effikass, well et eng besser Besteuerung fir d'Entreprise bedeit. Dëst ass e wichtigen Accord, well mer eis domadder och ausserhalb vun Europa nei Märkt opmaachen. Ech wëll dofir dem honorablen Här Thiel Merci soen, gradesou wéi allen Deputéierten, déi dësse Projet stëmme wäerten.

Ech soen Iech Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Mir kommen dann zum Vote vum Projet de loi.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi 5862 ass eestëmmeg mat 59 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener (par M. Lucien Clement), Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri (par Mme Claudia Dall'Agnol), Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner (par M. John Castegnaro) et Mme Vera Spautz (par M. Ben Fayot);*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou decidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, den honorablen Här Henckes huet eng Question urgente gestallt, un den Här Minister Frieden, betreffend d'Kaupthing-Bank. Den Här Mi-

nister Frieden huet sech d'accord erkläert, fir direkt op déi Fro ze äntwerten. Wann Dir d'accord sidd, da géife mer déi elo direkt huelen. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

**3. Question urgente N°3024 de M. Jacques-Yves Henckes au sujet de la reprise de la banque Kaupthing Luxembourg**

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Merci, Här President. Ech si gewuer ginn, dass d'Agence Bloomberg eng Informatioun relayéiert huet, no där déi isländesch Bank, Kaupthing Lëtzebuerg en fait, et ass jo eng Lëtzebuerger Bank ginn, fir ee symbolesch Euro un e Groupe vun Investisseure géif verkaaft ginn, deen aus fënnef Banken an engem Fonds d'investissement besteet, à la tête vun deem sech d'LIA, d'Libyan Investment Authority befënnt. No deenen Informatiounen vun där Noriichtenagentur hätt d'Lëtzbuergesch Regierung sech d'accord erkläert, fir der Kaupthing Lëtzebuerg e Prêt vu 600 Milliounen Euro ze ginn, ënner anerem fir gegebenenfalls de Spuerer een Deel vun hire Suen erëm-zeginn.

An deem Kontext wollt ech natierlech e puer Froe stellen, well dat elo iwwer e puer Radioen an och schonn iwwert d'belsch Televisioun gaangen ass, an déi Froe sinn déi folgend:

Éischtens, Här Minister, kënnt Dir déi Informatioun bestätegen, vun där ech elo geschwat hunn a vun där d'Agence Bloomberg schwätzt, haaptsächlech wat dee Prêt vu 600 Milliounen Euro ugeet, deen d'Lëtzbuergesch Regierung an deem Kontext wëllt der Kaupthing-Bank zougestoen?

Wa jo, wat sinn d'Konditiounen an d'Garantien, déi dësse Prêt begleede sollen?

Wann neen, Här Minister, sidd Dir der Meenung, dass et nach ëmmer vläicht eng aner Méiglechkeet gëtt, fir e Repreneur ze fanne fir d'Kaupthing Lëtzebuerg? Sinn aner Leit, aner Betriber, aner Repreneuren nach an der Diskussioun?

Wat den Accord fir dee Prêt do ugeet, huelen ech jo un, dass d'Lëtzbuergesch Regierung do bal misst e Projet de loi déposéieren?

An déi véiert Fro ass: Eng etlech belsch Clientë sinn natierlech och vun deene Schwierigkeete vun der Kaupthing-Bank concernéiert, an dofir wollt ech froen, ob déi belsch Regierung dann och bei deene Mesurë kéint participéieren, notament wat déi 600 Milliounen ugeet, oder wat soss aner Mesuren ugeet, déi an deemselwechte Kontext geholl gi sinn?

» **M. le Président.** - Merci, Här Henckes. Den Här Budgetsminister Luc Frieden huet d'Wuert.

» **M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.** - Här President, ech kann dem honorablen Här Henckes confirméieren, dass zënter enger Rei vu Woche Gesprécher tëschent der Kaupthing-Bank an hiren Administrateurs judiciaires engersäits, a verschiddene Repreneuren anerersäits lafen, dorënner och an deene leschten Deeg déi mat deem Fonds souverain, deen elo grad an der Question parlementaire urgente mentionnéiert ginn ass. Déi Gesprécher sinn amgaangen, an déi Gesprécher sinn extrem komplizéiert.

Ech wëll der Chamber soen, dass et net an den Intentiounen vun der Regierung ass an zu kengem Moment war, fir e Prêt vun där doter Héicht un déi Bank oder u soss een ze maachen, fir d'Reprise vun där Bank ze erméiglechen. D'Regierung bleift der Meenung, dass eng Reprise vun der Bank dat Bescht wär fir d'Reputatioun vun der Finanzplaz engersäits, a fir déi sëllege Clientë vun där Bank anerersäits.

D'Regierung verkeeft näischt an d'Regierung keeft näischt an deem Dossier. Mä eis Haltung an deem Dossier war a bleift, dass, wa mer kënnen als Regierung behëlleflech sinn, dass déi Bank kann iwwerliewen, mer en Intérêt hunn, deen iwwert déi Bankerausgeet, fir dat ze maachen. Wa mer also ënnert der Form vun engem Prêt oder enger beschränkter Garantie kënnte behëlleflech sinn, ouni dass dat géif gréisser Risiko fir de Stat mat sech zéien, da kënnt ee vun esou eppes schwätzen.

Fir de Moment si keng esou Offere gemaach ginn. All déi Garantien, déi bis elo gefrot gi sinn, hunn ech inakzeptabel fonnt. An et kënnt net a Fro fir d'Regierung, e Prêt vun zum Beispill 600 Milliounen ze maachen, fir esou eppes sécherzestellen.

Ech soen awer gradesou kloer, dass, wa bei deem doten oder engem anere Repreneur en Iwwergangskredit misst gemaach ginn, wou eng Chance vu Remboursement wär, a wa mer domadder kënnten déi Bank um Liewen halen, wat wéi gesot gutt wär fir d'ganz Finanzplaz, da si mer bereet, iwwer esou Saachen ze schwätzen.

Déi Gesprécher sinn amgaangen. Déi sinn extrem schwierig. Et ass zu 50% Chance nëmme, dass déi Gesprécher zu engem Erfolleg féieren. Mir sinn der Meenung, dass dat virum Enn vum Joer muss ofgeschloss ginn. Dir wësst, dass d'AGDL, d'Association pour la garantie des dépôts Luxembourg, ugefaangen huet 20.000 Euro Client vun där Bank ze entschueden, well et och noutwendeg war fir deene Leit entgéint-zekommen.

Wann de Lëtzebuerger Stat géif doriwwer eraus eppes maachen, well mer an déi schwierig Situatioun falen, wou déi Bank do an engem Moment a Liquidatioun gemaach ginn ass, wou just den ECOFIN-Conseil decidéiert hat, déi Garantien an all de Länner e bëssen ze héijen, da géife mer dat net eleng maachen. Mä ech hunn d'lescht Woch Gesprécher mat der belscher Regierung zu Bréissel gefouert, fir sécherzestellen, dass mer dann e supplementaren Effort géife gemeinsam maachen.

Duerfir, ech kann also de Fait vun esou Gesprécher confirméieren. D'Detailer dovun entsprechen net der Realitéit. D'Detailer wäerte mer selbstverständlech, esou wéi mer dat bis elo gemaach hunn, och mat der zoustänneger Finanzkommissioun vun der Chamber diskutéieren, sollt et zu engem Accord kommen, an deem ech d'Regierung géif abréngen. Mir sinn awer fir haut nach net un deem Punkt. Sollt dat an deenen nächsten Deeg geschéien, wäerte mer selbstverständlech froen, fir kënnen an der Finanzkommissioun e Bericht ze maachen.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Da komme mer zum nächste Punkt vun eise Ordre du jour. Dat ass d'Diskussioun vun de Projets de loi iwwert de Bau vun enger Maison du Savoir zu Belval, an de Projet iwwert de Bau vun engem Verwaltungsgebai, och op Belval. D'Rapportrice, déi honorabel Madame Andrich-Duval, huet elo d'Wuert, fir de Rapport vun deenen zwee Projeten ze maachen, déi mer duerno an enger Diskussioun vidéiere wäerten. Madame Andrich-Duval, wann ech gelift.

**4. 5897 - Projet de loi relatif à la construction de la Maison du Savoir à Belval pour les besoins de l'Université du Luxembourg**

**5898 - Projet de loi relatif à la construction d'un bâtiment administratif pour compte de l'État à Belval**

**Rapports de la Commission des Travaux publics**

» **Mme Sylvie Andrich-Duval (CSV), rapportrice.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Projet, dee mer dann elo hei virhuelen, läit am enkem Zesummenhang mat deem nächsten, well et handelt sech och ëm e Projet vun den Industriebroochen zu Belval, an zwar an deem Fall ëm d'Maison du Savoir, d'Haus vum Wëssen also, wat d'Häerzstéck vun der Uni Lëtzebuerg duerstellt. Dofir huet d'Bautekommissioun och proposéiert, déi zwee Gesetzesprojeten zesummen ze behandelen, wat eng méi grouss Kohärenz bei der no-folgender Diskussioun wäert erlaben.

De Projet de loi 5897 gouf den 2. Juli 2008 vum Här Bauteminister Claude Wiseler hei an der Chamber déposéiert. De Projet war motivéiert an hat en techneschen Deel. Et louch och eng Käschtenaschätzung bäi, gradesou wéi e Bauprogramm an déi passend Baupläng. An der Bautekommissioun vum 22. September 2008 gouf ech als Rapportrice vum Gesetzesprojet genannt. De Statsrot huet do säin Avis den 21. Oktober ofginn. Doropshi goufen an der Bautekommissioun vum 24. November de Projet an den Avis vum Statsrot analyséiert.

Op Propos vun der Bautekommissioun sinn an enger gemeinsamer Sitzung vun der Bautekommissioun an der Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture de 27. November den aktuellen Entwécklungsstand vum Bau vun der Cité des Sciences gradesou wéi d'theoretisch Konzept vun der Uni Lëtzebuerg

présentéiert ginn. Dat a Präsenz vun den Här Ministere Wiseler a Biltgen souwéi vun de Responsabele vum Fonds Belval an dem Recteur vun der Universitéit. De schriftleche Rapport gouf dann an der Sitzung vum 1. Dezember eestëmmeg ugeholl.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei deem heite Projet gëllen déiselwecht Remarquë wéi bei deem nächsten, wat d'Dezentralisatiounspolitik vum Stat ubelaangt. Ech wäert do méi am Detail drop agoen. Et geet op 2005 zrëck, wou d'Regierung de Site Belval als Sëtz vun der Uni Lëtzebuerg zrëckbehalen huet.

An enger éischter Etapp sollen d'Fakultéit vun de Wëssenschaften, der Technologie an der Kommunikatioun souwéi d'Fakultéit vun de Sproochen an den Humanwëssenschaften, der Konscht an den Erzéiungswëssenschaften, an ausserdeem d'Infrastruktur vum Enseignement an de Rektorat mat der zentraler Verwaltung vun der Uni hei entstoen. Eng definitiv Décisioun iwwert de Sëtz vun der Fakultéit vum Droit, der Économie an de Finance steet awer nach aus.

Wéi gewosst, stellt d'Uni Lëtzebuerg den Haaptdeel vun der Cité des Sciences, de la Recherche et de l'Innovation duer. Fir d'Besoinë vum der Uni sinn eleng eng eelef Gebaiervirgesinn, en plus vum Gebai Biotec. Mä och d'Fuerschungszentre Gabriel Lippmann, Henri Tudor an de Centre d'études de populations, de pauvreté et de politiques socio-économiques, den CEPS/INSTEAD ginn hei realiséiert.

Et ass dëst eng exzeptionell Chance fir d'Uni Lëtzebuerg, an en neie Stadquartier kënnen implantiert ze ginn. Esou kënnen all hir Elementer an d'Stadbild an an d'städtesch Aktivitéiten integréiert ginn.

Dofir wëll ech nach eng Kéier ee vun deene wichtigsten Aspekter vun der Cité des Sciences ervirhiewen. Dat ass d'Mixitéit vun den Aktivitéiten an hire connexë Gebailechkeeten. Hei fannen nieft der Uni kulturell a Fräizäitaktivitéite statt. Et gëtt e Geschäftsliewe geschaf, dat jo schonn ugefaangen huet ze fonctionnéieren. Ausserdeem entsteet Wunraum gradesou wéi Plaz fir privat an öffentlech administrativ Servicer.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll elo de Bauprogramm vun der Universitéit kuerz belichten. D'Universitéit Lëtzebuerg ass geschaf ginn duerch d'Gesetz vum 12. August 2003, wou hir Missiounen an Objektiv definéiert ginn an op déi ech op dëser Plaz net weider wäert agoen. Fir hir Besoinen un Infrastrukturen ze evaluéieren, ass sech op statistesch Donnéeë baséiert gi vum HIS. Dat ass den Hochschulinformationssystem, eng däitsch parastaatlech Gesellschaft, déi schonn Erfahrung op deem Gebitt huet.

Et gëtt dermat gerechent, dass d'Populatioun vun de Studente vun engem jëtzege Stand vu 4.400 op 7.200 wäert eropklammen um Horizont 2020.

Nieft de Studenten ass d'Entwécklung jo och enk gebonnen un d'Entwécklung vun der Fuerschung hei zu Lëtzebuerg, déi an Zukunft nach soll méi staark gefördert ginn. Dofir gëtt fir 2020 mat engem 2.357 Fuerscher gerechent, an zousätzlech mat ronn 600 Mann Hëllefspersonal.

Dann ass och eng Programmation erstellt ginn, wat d'Natur, d'Zuel, d'Heefegkeet an d'Fréquentatioun vun den Uniscoursen ugeet. D'Infrastrukture sollen optimal genotzt ginn an et muss eng Reserv virgesi ginn. Fir operationell ze bleiwen, därfer den Nutzungsgrad vun de Säll 85% net iwwerschreiden. An enger éischter Phas souguer gëtt vun engem Nutzungstaux vu 65 bis 70% ausgaangen. Et ass och méiglech, d'Beleungszeite vu 40 Stonnen an der Woch op 60 Stonnen eropzeschrauwen.

De Bauprogramm soll am Prinzip an dräi Phasen erfollegen, wouvun déi zwou éischt déi wichtegst sinn.

Déi éischt Phas gesäit de Bau vun der Maison du Savoir vir, woumat mer eis haut jo befaassen, an do ronderëm ginn dann no an no déi verschidde Gebaiervirgericht, déi thematesch opgedeelt ginn. Esou zum Beispill d'Haus vun de Wëssenschaften, d'Maison du Nombre oder d'Haus vun den Humanwëssenschaften. Den Areal vun der Gebléishal bleift reservéiert fir deen eventuell spéideren Ausbau vun der Uni.

Dat generell Konzept gesäit vir, dass Synergien tëschent deene verschiddenen Haiser sollen entstoen am Kader vun de Fuerschungsprojeten. Dat ënner enger gemeinsamer administrativer Verwaltung.

Wa mer de Projet aus engem urbanistesche Bléckwénkel kucken, soll dat neit Gebai op déi nördlech Partie vun der Héichuewen-terrass stoe kommen. Hei stéisst industriell